N°4455
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Wirtschaft & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Verschidde Länner an Europa ënnerhale strategesch Liewensmëttelreserven, fir d'Bevëlkerung am Krisefall mat Grondliewensmëttel ze versuergen. Sou lagert Däitschland am Kader vun der „Ziviler Notfallreserve" an der „Bundesreserve Getreide" ronn 800.000 Tonne laang haltbar Liewensmëttel (Räis, Ierbessen, Lënsen, Kondensmëllech, Weess, Kar an Huewer) op ronn 150 geheime Standuerter, mat engem Gesamtwäert vu ronn 200 Milliounen Euro. D'Schwäiz verflicht iwwer hire „Pflichtlager"-System privat Importateuren an Entreprisen, Reserve fir bis zu véier Méint unzeleeën. Och a Finnland, Ungarn an Tschechien existéiere vergläichbar national Reserven.

Lëtzebuerg ass duerch seng geographesch Situatioun a seng héich Importofhängegkeet bei Liewensmëttel besonnesch vulnerabel par rapport zu Stéierunge vun de Versuergungsketten, sief et duerch geopolitesch Spannungen, Pandemien, Cyberattacken op d'Logistik oder Naturkatastrophen. Déi modern „Just-in-time"-Logistik vum Grousshandel impliziéiert, datt d'Stocke vun de Supermarchéen an der Reegel nëmme wéineg Deeg duerhalen.

D'Europäesch Kommissioun huet den 9. Juli 2025 hir „EU Stockpiling Strategy" virgestallt, déi d'Memberstaaten opfuerdert, hir strategesch Reserven ze verstäerken an ze koordinéieren. D'Regierung huet hirersäits am Oktober 2025 d'Stratégie nationale de résilience („Lëtz prepare!") presentéiert, déi ë.a. e Pilier iwwer déi „integréiert Gestioun vu strategeschen a logistesche Ressourcen" enthält an de Bierger recommandéiert, fir mindestens 72 Stonnen autonom ze sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

1. Verfüügt de Lëtzebuerger Staat aktuell iwwer strategesch Reserve vu Grondliewensmëttel oder Drénkwaasser? Wa jo, a wéiem Volummen, fir wéi eng Dauer vun der Versuergung vun der Bevëlkerung, a wéi héich sinn déi järlech Käschte fir d'Lagerung?

2. Falls nee: Aus wéi enge Grënn gouf bis elo op sou eng Reserve verzicht, a gedenkt d'Regierung, am Kader vum Pilier 5 vun der Stratégie nationale de résilience, d'Schafung vun enger nationaler Liewensmëttelreserve ze evaluéieren?

3. Wéi vill Deeg géif no Aschätzung vun der Regierung d'Versuergung vun der Bevëlkerung mat Grondliewensmëttel am Fall vun engem komplette Ausfall vun den Importer duerhalen, wann ee just déi bestoend Stocke vum Handel, vum Grousshandel a vun der nationaler Produktioun berécksiichtegt?

4. Existéieren Ofkommes oder Konventioune mam Secteur vun der Groussdistributioun respektiv de Grossisten, fir am Krisefall Mindestbestänn ze garantéieren oder Stocke fir de Staat ze mobiliséieren, no dem Virbild vum Schwäizer „Pflichtlager"-System? Falls nee, gëtt sou e Modell gepréift?

5. Wéi eng konkret Suite gedenkt d'Regierung der „EU Stockpiling Strategy" vum Juli 2025 ze ginn? Ass eng Participatioun u gemeinsame regionale Reserven, zum Beispill am Kader vum Benelux oder mat der Groussregioun, virgesinn?

6. Existéiere Pläng an Infrastrukture fir eng Gemeinschaftsverpfleegung vun der Bevëlkerung am Krisefall (Zentralkichen, Verdeelungslogistik, Kooperatioun mam CGDIS an de Gemengen)? Wa jo, fir wéi vill Persoune pro Dag kéint esou eng Verpfleegung séchergestallt ginn?

7. D'Recommandatioun vun 72 Stonnen Autonomie setzt viraus, datt duerno de Staat d'Versuergung iwwerhëlt. Op wéi eng Ressourcen a Mechanisme stëtzt sech dës Iwwernam konkret no Oflaf vun deenen 72 Stonnen?

Mat déiwem Respekt,

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°4455 vum 14. Juli 2026 vum éierewäerten Deputéierten Sven Clement**

**1. Verfüügt de Lëtzebuerger Staat aktuell iwwer strategesch Reserve vu Grondliewensmëttel oder Drénkwaasser? Wa jo, a wéiem Volummen, fir wéi eng Dauer vun der Versuergung vun der Bevëlkerung, a wéi héich sinn déi järlech Käschte fir d'Lagerung?**

**2. Falls nee: Aus wéi enge Grënn gouf bis elo op sou eng Reserve verzicht, a gedenkt d'Regierung, am Kader vum Pilier 5 vun der Stratégie nationale de résilience, d'Schafung vun enger nationaler Liewensmëttelreserve ze evaluéieren?**

**3. Wéi vill Deeg géif no Aschätzung vun der Regierung d'Versuergung vun der Bevëlkerung mat Grondliewensmëttel am Fall vun engem komplетten Ausfall vun den Importer duerhalen, wann ee just déi bestoend Stocke vum Handel, vum Grousshandel a vun der nationaler Produktioun berécksiichtegt?**

**4. Existéieren Ofkommes oder Konventioune mam Secteur vun der Groussdistributioun respektiv de Grossisten, fir am Krisefall Mindestbestänn ze garantéieren oder Stocke fir de Staat ze mobiliséieren, no dem Virbild vum Schwäizer „Pflichtlager"-System? Falls nee, gëtt sou e Modell gepréift?**

Am Moment verfüügt de Lëtzebuerger Staat iwwer keng zentraliséiert strategesch Reserve vu Grondliewensmëttel oder Drénkwaasser.

Allgemeng baséiert déi Lëtzebuerger Approche op der sektorieller Resilienz an enger regionaler bzw. europäescher Koordinatioun.

Am Oktober 2025 huet de Premierminister déi national Resilienzstrategie (SNR) vum Haut-Commissariat à la Protection Nationale virgestallt. Dës Strategie enthält eng Rei Moossnamen, fir d'Resilienz vum Land ze stäerken, a geet och op d'Fro vu strategeschen Liewensmëttelreserven an. De Pilier 3 (Les biens et services essentiels et les infrastructures et entités critiques) enthält follgend Aktioun 14 :

« *Mettre en place des stratégies de sécurité alimentaire pour garantir et assurer la production et la transformation de biens alimentaires. Cette stratégie devra garantir un accès aux ressources résilientes en vivres. Il est crucial d'analyser avec le secteur agroalimentaire des pistes d'amélioration afin de déterminer les dépendances critiques vis-à-vis d'autres secteurs ainsi que de lancer des échanges avec les différents opérateurs de la chaîne alimentaire sur la constitution de stocks stratégiques.* »

Aktuell, féiert de Landwirtschaftsministère Gespréicher mat Akteueren aus der Liewensmëttelketten fir déi aktuell Stocken ze analyséieren, kritesch Ofhängegkeeten ze identifizéieren an d'Méiglechkeeten vu strategeschen Reserven ze diskutéieren.

**5. Wéi eng konkret Suite gedenkt d'Regierung der „EU Stockpiling Strategy" vum Juli 2025 ze ginn? Ass eng Participatioun u gemeinsame regionale Reserven, zum Beispill am Kader vum Benelux oder mat der Groussregioun, virgesinn?**

D’EU Stockpiling Strategy vum Juli 2025 gesäit d’Grënnung vun engem „EU Stockpiling Network“ vir an deem Lëtzebuerg och Member wier. Des Weideren participéiert Lëtzebuerg un Echangen iwwer Kooperatiounsméiglechkeeten tëschent de Benelux-Länner, notamment am Kader vu Krisevirbereedungspläng an der Liewensmëttelresilienz.

Ausserdeem, ass Lëtzebuerg och am Expertengrupp zum European Food Security Crisis Mechanism (EFSCM) vertrueden.

**6. Existéiere Pläng an Infrastrukture fir eng Gemeinschaftsverpfleegung vun der Bevëlkerung am Krisefall (Zentralkichen, Verdeelungslogistik, Kooperatioun mam CGDIS an de Gemengen)? Wa jo, fir wéi vill Persoune pro Dag kéint esou eng Verpfleegung séchergestallt ginn?**

Et existéiere keng spezifesch Pläng fir eng Gemeinschaftsverpfleegung vun der Bevëlkerung am Krisefall. Villméi ass d’Strategie déi, sech sou opzestellen fir jee no Situatioun d’Besoinen vun der Populatioun ofzedecken. An de Pilieren 2, 5 a 7 vun der SNR stinn dofir verschidden Aktiounen mam Ziel:

- d’Roll vun de Gemengen als lokalen Acteur am direkte Kontakt mat de Bierger ze stäerken;
- am Fall vun enger Kris oder Katastroph ëffentlech Gebaier als “Centre d’accueil” ze organiséieren;
- festzeleeën wéi eng strategesch a logistesch Ressourcen noutwendeg sinn, an op Grond vu Prioritéite strategesch Stocken unzeleeën;
- eng Reserve vu Kapazitéiten, souwuel vu Leit wéi vu Personal opzebauen, déi am Fall vun enger Crise flexibel kennen agesat ginn;
- d’Zesummenaarbecht tëscht den zivillen a militäreschen Kräften weider ze stäerken;
- d’Zesummenaarbecht mat dem Privatsecteur ze verdéiwen.

**7. D'Recommandatioun vun 72 Stonnen Autonomie setzt viraus, datt duerno de Staat d'Versuergung iwwerhëlt. Op wéi eng Ressourcen a Mechanisme stëtzt sech dës Iwwernam konkret no Oflaf vun deenen 72 Stonnen?**

Eng Autonomie vu 72 Stonnen ze hunn erlaabt et, wärend den éischten dräi Deeg vun enger Katastroph oder Kris seng wesentlech Besoinen ofzedecken. Dës éischt Deeg sinn dacks déi kriteschst. Am Fall vun enger Kris hëlleft dëst an zweeërlee Hinsicht:

1. Déi éischt Stonne vun enger Kris si meeschtens gepräägt vun enger staarker Asazbereetschaft vun de Rettungsdéngschter, Schwieregkeeten beim Zougang zu verschiddene Géigenden, Stéierunge vun essentielle Servicer an heiansdo och enger limitéierter Verbreedung vun Informatiounen. Mat enger gudder Virbereedung dréit all eenzelnen derzou bäi, datt d’Rettungsmëttelen als Éischt do agesat kenne ginn, wou de Besoin am dréngendsten ass.
2. Déi éischt 72 Stonne entspriechen der Zäit, déi d’Rettungsdéngschter an d’Autoritéiten am Allgemengen brauchen, fir d'Situatioun ze evaluéieren, hir Interventiounen ze organiséieren an déi néideg Mëttelen op grousser Skala anzesetzen.

Déi individuell Virbereedung ass domat eng wichteg Ergänzung zu den Moossname vun den ëffentlechen Autoritéiten. Zesummen stäerken si d’Resilienz vun der Bevëlkerung an d’Fäegkeet vun eiser Gesellschaft, Noutsituatiounen ze iwwerwannen a méi séier zu engem normale Fonctionnement zeréckzefannen.

Lëtzebuerg, den 27. Juli 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau